Also, d'Resultat vum Vote ass 60 Jo-Stëmmen. Domadder wär de Projet de loi 6201 ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Marcel Oberweis), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par M. Jean-Paul Schaaf), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par Mme Nancy Arendt), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Ben Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Fernand Etgen), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Als nächste Punkt hu mer d'Diskussioun vum Projet de loi 6215 iwwert d'Personal am Secondaire a Secondaire technique. Hei ass d'Riedezäit och nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Eicher, Berger an Adam.

(Interruption)

A Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

3. 6215 - Projet de loi portant modification

1. de l'article 3, paragraphe a) de la loi du 27 mai 2010 portant

1. modification de la loi du 29 juin 2005 fixant les cadres du personnel des établissements d'enseignement secondaire et secondaire technique,

2. modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

3. modification de la loi du 9 juillet 2007 portant

1) création d'un lycée à Luxembourg-Dommeldange

2) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État,

4. abrogation de la loi du 10 août 1991 portant

1) création de la fonction d'instituteur d'économie familiale;

2) modification de la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire;

3) modification de la loi modifiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État;

4) modification de la loi du 6 septembre 1983 portant

a) réforme de la formation des instituteurs;

b) création d'un Institut supérieur d'études et de recherches pédagogiques;

c) modification de l'organisation de l'éducation préscolaire et de l'enseignement primaire;

2. des articles 42 et 46 de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

M. Ben Fayot *(LSAP), rapporteur.*- Här President, de Projet 6215 ännert d'Gesetz vum 27. Mee 2010 iwwert d'Personal am Secondaire grad wéi d'Gesetz vum 6. Februar 2009 iwwert d'Personal vun der Grondschoul of. Dass mer dës zwee rezent Gesetzer elo schonns punktuell ëmännere mussen, huet mat dem Bologna-Prozess an der Diversitéit vun den Universitéitsformatioune fir d'Carrièren an der Schoul ze dinn.

Bekanntlech hunn d'Héichschoulministere vun 29 Länner am Joer 1999 beschloss, d'Héichschoulwiesen an Europa ze reformëieren. De sougenannte Bologna-Prozess huet déi zwee nei Diplomer geschaf, de Bachelor an de Master, an dorop en drëtten Zykel vu Fuerschung gesat, deen zum Doktorat féiert. D'Haaptzil vun där Neiuerdnung ass et, d'Mobilitéit vun de Studenten a Proffe grad wéi vum Wëssen ze erméiglechen. Et gëtt Länner, déi hire System scho ganz op de Bologna-Prozess ëmgestallt hunn, anerer net.

Zu Lëtzebuerg huet d'Regierung am Oktober 2007 festgehalen, dass den Diplom vum Master Zougank zu de Carrières supérieures vum Enseignement secondaire, also den E7-Carrièrë gëtt, an de Bachelor zu deene vum E5. D'Gesetz vum 27. Mee 2010 huet dofir d'Base légale geschaf. An deem Gesetz war virgesinn, dass während enger Iwwergangszäit vun dräi Joer no Akraafttriede vum Gesetz, also bis Juni 2013, Leit mat Diplomer nom fréiere System hir Kandidatur fir an den Enseignement secondaire kéinte stellen.

Nu weist et sech, dass déi Iwwergangszäit ze kuerz ass a bis den 1. Januar 2017 verlängert muss ginn. D'Ursaach dofir läit an den Développementer op den Unien. Besonnesch an Däitschland an an Éisträich, wou traditionell vill Lëtzebuerger studéieren, ass de System net bis Enn 2010, wéi virgesinn, ëmgestallt. Et gëtt nach hefteg zwëschent den Héichschoulen diskutéiert, ob dat iwwerhaapt soll gemaach ginn, sou dass virauszegesinn ass, dass och 2013 an duerno nach Diplomer nom traditionelle Regime ausgestallt ginn. Dofir déi Verlängerung bis 2017.

En anere Problem betrëfft d'Zäit, während där Diplomer vum Ancien régime, also viru Bologna, nach akzeptéiert ginn. An hirem Rapport zu deem Gesetz vum 27. Mee 2010 hat de Rapporteur vun der zoustänneger Erzéiungskommissioun, onse Kolleeg Fernand Diederich, geschriwwen, ech zitéieren, hie bericht: «Considérant qu'il s'agit d'une question de principe qui se pose pour l'ensemble des carrières supérieures de la fonction publique, elle», dat heescht d'Kommissioun, «estime que le Gouvernement devrait élaborer une solution globale pour régler le cas des détenteurs de diplômes antérieurs au processus de Bologne, qui aspirent à accéder aux carrières supérieures de la fonction publique.»

Dësem Wonsch gëtt mat dësem Gesetz fir d'Éducation nationale Rechnung gedroen, an zugläich och fir d'Fonction publique, wéi mer dat an der Kommissiounssitzung vum Vetrieder vun der Fonction publique gesot kruten. D'Fonction publique huet sech dofir mat der Éducation nationale ofgeschwat. Bekanntlech kann d'Fonction publique dat jo iwwer e Règlement grand-ducal maachen, während d'Éducation nationale dat iwwer e Gesetz maache muss.

De Prinzip ass also kloer: D'Diplomer „ancien régime" kënne bis 2017 ofgeschloss ginn. Duerno gëtt et nëmme méi Diplomer vum neie Regime. All déi Diplomer, ob alen oder neie Regime, berechtegen derzou, sech dem Concours fir d'Carrière supérieure am Enseignement oder an der Fonction publique ze stellen. Dat gëllt och no 2017 weider. Also bleiwen all Diplomer, ob „ancien régime" oder „nouveau régime", illimitéiert akzeptéiert.

Domat ass de Parallélisme vun den Zouloossungskritäre fir Professer a fir déi aner Carrières supérieures administratives et scientifiques hiergestallt - wat ons Kommissioun ausdrécklech gefrot hat, wat dat Zitat beleet, wat ech elo éinescht gelies hunn.

Wat den Enseignement fondamental ugeet - dat ass den zweeten Artikel vun deem Gesetz 6215 -, war am Personalgesetz vum 6. Februar 2009 am Artikel 46 eng Iwwergangszäit vun dräi Joer no Akraafttriede vum Gesetz virgesi ginn, während där een auslänneschen Unisdiplom „préparant à la profession d'instituteur" unerkannt géif ginn. Vu dass d'Studië fir déi Diplomer an Däitschland véier bis fënnef Joer daueren, gëtt den Délai bis de 15. September 2014 verlängert, well déi dräi Joer, déi virgesi waren, deene Studenten, déi zum Beispill 2009 déi Etüden ugefaangen hunn, net duergaange wären.

Zousätzlech dozou gëtt den Ënnerscheed zwëschent Diplomer vum Certificat d'études pédagogiques, déi vun 1994/95 un délivréiert goufen, an den Diplomer, déi am Ausland délivréiert goufen, abrogéiert. De Certificat d'études pédagogiques war deemno illimitéiert akzeptéiert, déi vum Ausland nëmme bis 2012. Dësen Ënnerscheed gëtt ofgeschaf, an all Diplomer ginn och weiderhin illimitéiert akzeptéiert.

Och gëtt déi Iwwergangsperiod vun zéng Joer ofgeschaf, déi am Artikel 42 vum Personalgesetz vun 2009 enthale war fir Diplomer wéi de BAP vum IP oder den CEP vum ISERP. All déi Diplomer bleiwen also gülteg, fir sech dem Examen-concours ze stellen.

Mat dësem Gesetz bleift also all Diplom souwuel am Fondamental wéi am Secondaire gülteg. Eng Mesure, déi also och an der Fonction publique gëllt an déi et erlaabt, all deenen, déi eng Kéier Diplomer fir den Enseignement oder och fir aner Carrièrë krut hunn, d'Dieren opzeloossen.

Dat ass den Inhalt vun deem Projet. Ech wëll derbäisoen, dass d'LSAP-Fraktioun selbstverständlech dëse Projet de loi och matdréit.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Fayot. An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Emile Eicher agedroen. Här Eicher, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Emile Eicher *(CSV).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass éischter d'Ausnahm, datt mir als Chamber Gesetzer erëm ännere ginn, déi mir eréischt kierzlech gestëmmt haten.

(Interruptions diverses)

Mä wéi bei allem, wat nei ass, entdeckt een no enger Zäitchen, datt an der Praxis Situatiounen opdauchen, déi nei Léisunge verlaangen.

An dësem Gesetz ginn d'Iwwergangsbestëmmunge fir den Zougank zum Beruff vum Enseignant geännert, andeems eng Partie ganz spezifesch Punkten ugepasst ginn, fir der Realitéit um Terrain Rechnung ze droen. Dat gëllt virun allem fir lëtzebuergesch Studenten, déi a Länner studéieren, déi de Bologna-Prozess nach net komplett ëmgesat hunn oder nach amgaange sinn ëmzesetzen. Et ass virauser vun Däitschland an Éisträich Rieds gaangen. Si sollen d'Méiglechkeet behalen, fir nom Enn vun hirem Studium hei zu Lëtzebuerg kënne Professer respektiv Schoulmeeschter ze ginn.

Ech ginn elo net an den Detail a vun deem, wat duerch dëse Gesetzesprojet geännert gëtt. Dat huet den Här Rapporteur jo schonn ausféierlech a ganz prezis gemaach, an dofir soen ech him och e grousse Merci.

D'CSV-Fraktioun begréisst et, datt d'Regierung d'Décisioun geholl huet, fir d'Délaien, déi an deene verschiddenen Iwwergangsbestëmmunge festgehale woren, der Realitéit unzepassen. Ganz besonnesch begréisse mir, datt eng Bestëmmung geännert gëtt, bei där mir d'lescht Joer scho kloer an däitlech gesot haten, datt mir mat dëser net honnertprozenteg zefridde wären, an där - ech erënneren drun - och déi parlamentaresch Éducatiounskommissioun deemools nëmmen ënner Virbehalt zougestëmmt huet.

Ech schwätzen hei vun där Dispositioun, déi seet, datt all déi Kandidate fir de Proffeconcours, déi d'Konditioune vun där aler Gesetzgebung nach erfëllt hunn, sech nach just während dräi Joer, nodeems dat neit Gesetz a Kraaft getrueden ass, fir de Concours melle kënnen. Duerno hätte si dann d'Admissiounskritäre vun där neier Gesetzgebung respektéiere missen.

Am Kloertext heescht dat, datt jiddwereen, dee virum Bologna-Prozess studéiert huet an enges Dags wëlles hätt, fir Proff an engem Lycée ze ginn, dat net méi no engem Délai vun dräi Joer hätt kënne maachen. An dat aus deem einfache Grond, well seng Diplomer nom Bologna-Prozess net méi duerginn.

Bei dem Débat virum Vote vum Gesetz vum 27. Mee 2010 hat sech d'CSV-Fraktioun schonn d'Fro gestallt, ob de Stat a speziell eise Schoulsystem et sech erlabe kann, Leit, déi zum Beispill aus dem Privatsecteur an den Enseignement wiessele wëllen, einfach esou de Wee ze verspären. Mir woren dunn a sinn och haut nach der Meenung, datt et eisem Schoulsystem grad gutt géif doen, wa méi Enseignanten eng laang ausserschoulesch berufflech Erfahrung matbrénge kënnen.

Déi zoustänneg Kommissioun wor sech dëser Problematik och voll bewosst an hat deemools déi aktuell Iwwergangsdispositioun just op Wonsch vum Statsrot an de Gesetzesprojet integréiert, well déi héich Kierperschaft sech energesch géint déi initial Dispositioun gewiert hat, déi deemools scho virgesinn hat, datt all déijéineg, déi hir Diplomer virum 31. Dezember 2012 gemaach hunn, och an Zukunft fir de Proffeconcours kënne matmaachen.

D'Éducatiounskommissioun hat dem Statsrot allerdéngs just noginn, well de Problem vun den Diplomer, déi virum Bologna-Prozess gemaach goufen, net just de Proffeconcours, mä am grousse Ganzen den Accès zu de Carrières supérieures beim Stat betrëfft, an deemno esou séier wéi méiglech eng global Léisung misst fonnt ginn, fir datt de Stat och an Zukunft fir erfahren a kompetent Leit aus dem Privatsecteur oppe bleift.

Déi Léisung ass elo vun der Regierung fonnt ginn a gesäit esou aus, datt och an Zukunft d'Carrière vum Stat fir déi Leit opbleift, déi hiren Diplom nach no deem alen Héichschoulregime ofgeschloss hunn. Domadder si mer erëm op eis Case de départ zréckkomm, wou mer d'lescht Joer scho wollten higoen.

Här President, dat gesot, ginn ech den Accord vun der CSV-Fraktioun zum Gesetzesprojet 6215 a soen alle Matbedeelegte Merci fir hir Zesummenaarbecht.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Eicher. An als nächste Riedner ass den Här Eugène Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

M. Eugène Berger *(DP).*- Merci, Här President. Ech wéilt och direkt dem Rapporteur Merci soen. En huet e kuerzen, awer e ganz pertinentë Rapport gemaach, souwuel schrëftlech wéi mëndlech. Ech wéilt duerfir nëmmen e puer kleng Remarquë maachen zu deem Sujet. Wann een deen e bësse vläicht salopp ëmschreift, kéint ee soen, mir versichen hei, de Verfallsdatum vun den Diplomer e bëssel-chen ze verlängeren. An et geet jo hei besonnesch ëm déi Leit, déi wëllen e Posten am Enseignement beim Stat briguéieren, souwuel am Secondaire wéi am Primaire.

Mir wësse jo - ech mengen, datt d'Ursaache schonn erkläert si ginn -, datt et trotz

Bologna-Prozess an Europa awer nach ëmmer Formatiounen, Unisdiplomer gëtt, déi net komplett an dee System erapassen. E System, deen awer hei zu Lëtzebuerg elo eis „guideline" ass. Och an der Grondschoul gëtt et nach verschidde Formatiounen, ënner anerem an Däitschland och, wou Studenten - verschiddener op alle Fall - och nach en cours de formation sinn. Déi kéinte sech also och eventuell dann net fir de Concours, fir beim Stat kënnen ze schaffen, mellen.

Et kéint een och, mir haten dat an der Kommissioun gesot, hei zum Deel, och wa mer dat elo hei redresséieren, och am Sënn géint eng Diskriminatioun vun eelere Leit carrément schwätzen, déi fréier en Diplom gemaach hunn an déi jo awer och nach - besonnesch, wann haut och Diskussioune si vun engem méi schwéieren Aarbechtsmaart - d'Chance misste kënne kréien, fir sech dann zum Beispill beim Stat fir e Concours ze mellen.

Mir haten all déi Diskussiounen iergendwéi schonn e bësse bei der Preparatioun vun dësem Gesetz an der Kommissioun. Doru wëll ech awer erënneren. Mir haten op déi Problematik higewisen. Ënner anerem hat ech och bei dem Gesetz vun der Grondschoul drop higewisen, datt ee soll oppassen an net déi Leit, déi en Diplom hu vu virun 1993, déi och scho carrément Schoul gehalen hunn eng Zäit, dann awer vläicht duerch hir Liewensplanung e puer Joer opgehalen hunn, fir zum Beispill Kanner grousszezéien, datt een déi awer net kann doduerjer strofen, datt déi dann iergendeng Kéier net méi kéinten zréck an den Enseignement kommen. Ech hat dat deemools monéiert. Et ass zum Deel deemools berücksichtegt ginn, well dunn „zéng Joer" drageschriwwe ginn ass. Mä dat huet awer nach net all Fäll ofgedeckt. An haut musse mer also dann awer nei légiféréieren, fir dat dann ze redresséieren.

Ech fannen, et wier besser gewiescht, mir hätten et awer och beim anere Gesetz direkt esou drageschriwwen, fir datt mer net all Kéiers missten no e puer Méint oder no e puer Joer dann erëm zréck mat esou Projeten an d'Chamber kommen.

Et schéngt mer awer och, datt et e bësse méi symptomatesch ass fir Projeten aus der Éducation nationale, wou mer eis ganz oft net genuch Zäit loossen, fir d'Gesetzer dann uerdentlech ze stëmmen, fir datt se dann herno an der Praxis - fir et emol esou ze soen - den Elchtest packen.

Mä, d'Madame Ministesch wäert sech schonn denken,…

(Interruption)

…datt ech an der Heure d'actualité nach eng Kéier méi en détail op déi Saachen dann zréckkomme wäert.

(Hilarité)

Dat gesot, wëll ech awer dann den Accord vu menger Fraktioun zu dëse Bestëmmungen abréngen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Berger. An als nächste Riedner ass den Här Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt Merci dem President-Rapporteur vun der Kommissioun, dee wéi ëmmer eng gutt Aarbecht gemaach huet. Mä ech fannen, datt dëse schréftleche Rapport exzellent d'Nuancen an d'Detailer vun deem ganze Wee, besonnesch vum Gesetz vum 27. Mee 2010, bis bei d'Gesetz vun haut, mat deem mer dat nach neit Gesetz schonn erëm änneren, retracéiert. Ech fannen et en exzellente Rapport. Ech hat dat och an der Kommissioun gesot.

Wéi scho vu menge Virriedner gesot, geet et hei ëm zwee Punkten: d'Verlängerung vun den Iwwergangsmesuren, engersäits bei de Proffen an anerersäits bei de Schoulmeeschteren a Léierinnen.

Zu de Proffen: Ech hat am Débat zu deem Gesetz, wat mer haut änneren a wou den honorabele Fernand Diederich Rapporteur war - wann ech mech richteg erënneren - vun der sozialistescher Partei, hei an der Chamber Folgendes gesot: „An der éischter Versioun vum Gesetz…", also deem vum 27. Mee 2010, „…stoung, datt déi Leit, déi hir Diplomer nach no der aler Studienuerdnung kritt hunn, nach ëmmer admissibel wiere fir den Examen-concours. Déi eenzeg Konditioun war, datt si hir Diplomer virum 31. Dezember 2012 kritt hunn. Mir hunn dat korrekt fonnt. Dat hätt nämlech bedeit, datt een och nach ëmmer ka Proff ginn, wann een eng Zäit laang an engem anere Beruff geschafft huet. Ganz konkret heescht dat, datt, wann een zum Beispill Ekonomie studéiert huet a fënnef oder zéng Joer op enger Bank geschafft huet, datt een dann nach ëmmer kann eng Demande maachen, fir an de Proffestage ze kommen. Wat jo net heescht, datt een automatesch ugeholl ass oder säi Stage packt. Mir haten dat gutt fonnt. Mir hunn dat als Zeeche vu Flexibilitéit gesinn an als eventuell Beräicherung fir d'Schoul. Mir haten duerfir och net dem Statsrot seng Argumentatioun kënne guttheeschen. An dat war och deemools keng Opposition formelle, a mir sinn net averstane mat der Mesure transitoire, wéi se elo am Artikel 3 zréckbehale ginn ass."

Also, ech schwätzen aus der Ried, déi ech virun aacht Méint hei zu deem éischte Gesetz gehalen hunn.

„Déi Kandidaten, déi kee Bologna-konformen Diplom kritt hunn, däerfe sech nach just dräi Joer laang nom Akraafttriede vun dësem Gesetz zum Examen-concours presentéieren."

Mir hunn dat deemools nach méi restriktiv fonnt, wéi iwwerhaapt vum Statsrot gefrot. Deen hat jo nëmme vu fënnef Joer geschwat. Mir hu gemengt, datt dat eng willkürlech Aschränkung wier, déi net am Interesse vun der Schoul an net am Interesse vun den eventuell Concernéierten ass.

Haut proposéiere mer dann elo déi Änneruungen, déi eis schonn d'lescht Joer net gepasst haten, a mir proposéieren, dat dann haut a mat dësem Gesetz esou ëmzeänneren, wéi et eis schonn d'lescht Joer gepasst hätt. Mir gi souguer nach e bësse méi wäit wéi deemools: Mir loossen déi Net-Bologna-Diplomer gëllen, wa se spéitstens bis 2017 ausgestallt gi sinn.

Mä eigentlech mécht souguer emol esou eng Aschränkung kee Sënn: Wann de Bologna-Prozess an d'Studienuerdnunge sech allgemeng duerchsetzen, da verschwannen déi al Diplomer jo vum selwen. Da kritt jo kee Student méi een Diplom ausgestallt, deen net de Bologna-Kritären entsprécht. Wann de Bologna-Prozess sech allerdéngs net esou schnell a komplett duerchsetzt, wéi mir Lëtzebuerger Muster-Bologna-Schüler eis dat virstellen, da kréie mer eventuell erëm e Problem.

Mä wie kuckt scho vun der Regierungsbänk bis iwwert d'Joer 2017 eraus?

Une voix.- 14!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Jo…, mä ëmmerhin, mir hunn hei eng däitlech Verbesserung vis-à-vis vum ale Gesetz - nujee, aalt Gesetz ass an dësem Fall relativ - a mir kënnen déi Verbesserung matdroen, an duerfir wäerte mer och eisen Accord zu dësem soen.

E puer Wuert och nach zu dem Léierpersonal vum Enseignement fondamental. Jo, mir haten deemools d'Studente vergiess, déi an Däitschland fir Schoulmeeschter oder Léierin studéieren. Et ass jo och erstaunlech, datt et Leit gëtt, déi dat maachen, well de Studium do eigentlech méi laang ass. Franséischkenntnesser mussen déi Leit jo och an den Examens préliminaires beweisen, an zu St. Vith schwätze se schliesslech och Däitsch. Mir fannen et korrekt, och dëse Studenten a Studentinnen et ze erméiglechen, dee Studium, dee se ugefaangen hunn, fäerdeg ze maachen an ënner normale Konditiounen an den Examen-concours ze goen.

Trotzdeem froe mer eis, ob mer hei net amgaange sinn, komplett an déi verkéiert Richtung ze fueren. Mir passen eis Législatioun der Tatsaach un, datt et a praktesch alle Länner vun der Welt eng Formatioun gëtt fir Leit, déi mat klenge Kanner schaffen, a fir Leit, déi mat Primärschoulkanner schaffen. Et gëtt Spillschoulen a Primärschoulen an Europa an och deementspriechend verschidde Formatiounen.

Eigentlech setze mer elo hei zu Lëtzebuerg dem Rescht vun der Welt en Ultimatum: Passt Är Studienuerdnung dem neie Lëtzebuerger Schoulsystem un, soss bilde mir eis Leit an Zukunft selwer aus! Dat suergt eventuell zu Baaschtnech an zu St. Vith fir eng gewëssen Onrou, mä awer net doriwwer eraus.

Mir sinn der Meenung, datt et héich Zäit gëtt, och emol ee Bilan ze zéien iwwert d'Formatioun vum Léierpersonal op der Uni Lëtzebuerg, an datt mer onbedéngt mussen hannerfroen, ob déi Décisioun, fir déi fléissend Iwwergäng, wéi se an der Entwécklungspsychologie tëschent dem klenge Kand an dem Schoulkand beschriwwe ginn, esou wéineg an der Grondausbildung ze berücksichtegen…

Och fir dëser Fro nozegoen, hu mir haut als gréng Fraktioun den Débat d'orientation ugefrot, vun deem ech lech scho bei deem viregte Gesetz geschwat hunn.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Adam. An als leschte Riedner ass den Här Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, eise Rapporteur, den honorabelen Här Ben Fayot, huet sech ganz vill Méi ginn, fir eis ze erklären, firwat déi Modifikatiounen an de Rekrutementsdispositiounen iwwert d'Héichschouldiplomer néideg sinn. En huet méi Transparenz an eng komplizéiert Matière bruecht, an dofir soe mir him Merci. D'ADR gëtt och hiren Accord fir dëst Gesetz.

Prinzipiell musse mer awer feststellen, datt den Duerjernee bei den Diplomer an de Rekrutéierungsdispositiounen u sech drop zréckzeféieren ass, datt d'Europäesch Unioun a Beräicher harmoniséiert, wou se iwwerhaapt net misst harmoniséieren. Et wär jo duergaangen, fir eng géigesäiteg Unerkennung vun den Héichschouldiplomer duerchzesetzen a soss déi national Souveränitéit an deem Beräich a vollem Ëmfang ze respektéieren.

M. le Président.- Här Kartheiser, erlaabt Der, datt den Här Fayot lech eng Fro stellt?

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Awer selbstverständlech, gär!

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Här Kartheiser, ech hunn et net gesot - ech hat et zwar schréftlech opgeschriwwen -, mä et ass kloer: Dee Bologna-Prozess huet näischt mat der Europäescher Unioun ze dinn. Dat sinn 29 Länner, déi ënner sech intergouvernemental dat do mat den Unien ausgeschafft hunn. Dat wollt ech kloerstellen.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Ganz gär.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- A souwisou hutt Der Recht, dass d'Europäesch Unioun keng Kompetenz doranner huet.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Dat ass de Punkt, vun deem ech wollt soen, ech huelen dee Punkt gär an ech korrigéiere mech, Här Fayot. Ee Punkt fir lech! Mä trotzdeem: D'Harmoniséierung an deem dote Beräich wär net néideg gewiescht. An dobäi bleiwen ech!

Nämlech d'universitär an d'Héichschoulformatioune si Beräicher, wou all Land seng Traditioun a seng Kultur huet, an et ass net anzegesinn, firwat dat huet missen harmoniséiert ginn. D'Mobilitéit vun de Studenten ass et jo och scho fréier ginn, meeschtens op Décisioune vun den eenzelnen Universitéiten, an dat huet och esou ganz gutt fonctionnéiert.

Déi ëmmer méi massiv Kritik géint déi Bologna-Harmoniséierung virun allem an Däitschland an an Éisträich ass ze verstoen, well d'Bildung gëtt ewell kompriméiert a kommerzialiséiert, bis eran an d'Terminologie. Wéi kann een nëmme Bildung a sougenannte Kreditter moossen, wéi dat haut gemaach gëtt? Hätte mir d'Souveränitéit vun de Staten an deem dote Beräich respektéiert, wär et iwwerhaapt net zu deem Duerjernee komm. A scho guer net hei zu Lëtzebuerg, well mir jo déi auslännesch Diplomer ëmmer respektéiert an unerkannt hunn.

D'ADR huet déi Positioun vertrueden, datt mir keng Limiten däerfen hunn, wat d'Unerkennung vun deene fréieren Diplomer ugeet. Wien en Diplom huet, deen huet och Zougank zu deene respektiven Exame fir déi verschidden universitär Carrièren, egal vu wéini deen Diplom ass.

Et ass net un eis, fir iergendengem a posteriori de Wäert vu sengem Diplom ofzëerkennen, wann deen hei an der Vergaangenheet um Registre des diplômes enregistréiert gouf. Alles anescht ass och eng Form vun Altersdiskriminéierung, géint déi mir eis wieren. Et gehéiert zum Versteesdemech vum klassesche Bildungsbegrëff, datt een, deen en Diplom huet, vu sech aus derfir suergt, datt säi Wëssen aktuell bleift.

Dat gesot, gi mir, wéi gesot, och den Accord vun der ADR.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. An elo huet d'Wuert d'Unterrechtsministerin, d'Madame Mady Delvaux-Stehres.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Merci, Här President. Ech wéilt direkt hei soen, dass ech et am Prinzip net gutt fannen, wann e Gesetz oder Gesetzer mussen a relativ kuerzer Zäit erëm ofgeännert ginn, dass ech et awer an dësem Fall gutt fannen, dass mer d'Gesetzer änneren, well et awer - fir mech jiddefalls - eng Verbesserung bréngt fir all déi Leit, déi vun de Gesetzer concernéiert sinn.

Et geet éischtens ëm d'Gesetz vum Personal vun der Grondschoul, wou jo d'Gesetz vun 2009 festgehalen huet, dass déi Leit, déi an der Formatioun wären, fir Léierin, Schoulmeeschter ze ginn, nach e Sputt vun dräi Joer hätten, fir sech dem Concours ze stellen. Knapps war d'Gesetz gestëmmt, hunn déi éischt Studente sech gemellt, déi gesot hunn: „Mir sinn awer an Däitschland amgaang ze studéieren, an do brauch een net dräi Joer, fir mam Studium fäerdeg ze ginn, mä véier an eventuell fënnef."

Deenen hätte mer dann den Accès zum Schoulmeeschteschberuff net kënnen erméiglechen, wa mer d'Gesetz elo net géifen änneren. Dat ass et, wat d'Grondschoulgesetz ubelaangt. Dat, wëll ech soen, huet och näischt mam Bologna-Prozess ze dinn, well jo déi Formatioun vum Schoulmeeschter net ënnert déi Dispositioune fält.

Da komme mer zum Gesetz vun 2010, wou mer de Bologna-Prozess zu Lëtzebuerg fir den Enseignement ëmgesat hunn. Alles, wat also d'Proffen, d'Professere vum Secondaire ugeet, do hu mir als Éducatioun missen e Gesetz maachen. D'Fonction publique konnt dat iwwer Règlement grand-ducal ëmsetzen. Do ware mer an intensiven Diskussiounen.

Mir sinn och - muss ech awer soen - jorelaang mat Froe gedréckt ginn, well déi Leit, déi Studenten, déi op d'Uni gaange sinn, déi hunn eis jo ëmmer gefrot: „Mat wéi engem Diplom musse mer dann elo erëmkommen? Musse mer e Bachelor hunn? Musse mer e Master hunn?"

Dat war also eng permanent Demande, déi un de Ministère gestallt ginn ass. An dofir hu mer gesot: „Et gëtt Zäit, dass mer elo mat engem Gesetz erauskommen, dass d'Studenten, déi sech engagéieren a Studien, wëssen, wéi een Diplom se mussen upeilen, wa se op d'Uni ginn."

Dofir wollt ech och just ënner Klammere soen, dass een elo kann de Bologna-Prozess kritiséieren. Ech denken, fir e Land wéi Lëtzebuerg, deem seng Jonk an all Länner studéiere ginn an déi ëmmer mussen erëmkommen a wou mir mussen eng Unerkennung dovunner ausschwätzen, ass dat am Prinzip eng Vereinfachung, well dat eis de Verglach tëschent de Formatioune vill méi einfach mécht a mer méi gerecht kënne si par rapport zu de Studenten, déi an all Länner ginn.

Dunn hu mer dann dat Gesetz gestëmmt, oder d'Chamber huet dat Gesetz 2010 gestëmmt, an do hate mer dann an eisem Optimismus…, dat sinn déi Échoen, déi mer aus der Welt kruten, do ass gesot ginn: „Majo, bis 2013 hunn all d'Länner de Bologna-Prozess ëmgesat, an da kënne mer vun all de Studenten deen een Diplom do verlaangen."

Deen Optimismus huet sech als e bëssen iwwerdriwwen erausgestallt. Knapps war d'Gesetz gestëmmt, du hu mer gemellt kritt: „Ah neen, Däitschland an Éisträich, déi sinn nach net esou wäit an déi hunn de Bologna-Prozess net ëmgesat." Mir si jo awer drop ugewisen, wa mer Däitschprofesseren hunn, dass se entweder an Däitschland oder an Éisträich studéiere ginn. Also musse mir erëm eist Gesetz änneren a soen: „Mir verlängeren deen Délai bis 2017."

Ech ginn zou, och dat ass eng optimistesch Schätzung, well ech kann lech haut net soen, ob Däitschland oder Éisträich bis 2017 Bologna ëmgesat hunn. Ech mengen awer, dass dat fir eis Studenten… An dorëm geet et jo! Et geet eis jo net drëm, deen anere Länner virzeschreiwen, wat se solle maachen, mä et geet drëm, eise Studenten eng Sécherheet ze ginn, dass se kënne studéiere goen a sécher sinn, dass mir déi Diplomer herno unerkennen.

Dat ass, firwat mer d'Gesetz esou séier mussen änneren. Ech muss awer soen, dat gutt un där Ännerung, dat ass, dass mer elo kënnen op eng Propositioun zréckkommen, déi ech an där éischter Proposition de loi gemaach hunn, dem éischte Projet de loi, deen ech agereecht hunn. Do hat ech eigentlech virgesinn, dass all „al Diplomer" - ënner Guillemets -, also all Diplom, deen ee virun deem Datum kritt hätt, ëmmer valabel wär, fir sech dem Concours ze stellen.

Well mir hätte jo gär, dass d'Leit solle mobil sinn. Mir sinn interesséiert, Leit ze hunn, déi schonn eventuell eng Beruffserfahrung am Privatsecteur haten, dass déi kënnen eriwwerkommen. Also musse mer deenen hir Diplomer och unerkennen; och nom Joer 2013, wat den Enseignement fondamental ugeet, oder no 2017, wat de Postprimaire ugeet.

Déi Optioun ass eis awer deemools vu ville Leit kritiséiert ginn, notamment vum Conseil d'État. A vu dass mer probéieren, ëmmer e Kompromëss ze fannen tëschent den Institutiounen, hu mer eis dunn deem Avis do ralliéiert vum Conseil d'État. A vu dass ech awer ganz hartnäckeg sinn, hunn ech geduecht: „Wa mer elo d'Gesetz schonn erëm mussen änneren, da brénge mer déi Dispositioun do och dran."

Dës Kéier ass et mer da réusséiert, an dofir fannen ech, dass mer elo eng Verbesserung vun deene Gesetzer hunn. Dofir freeën ech mech och - an ech soen lech alleguerte Merci - fir dee breede Konsens, dee mer hei fannen. Domat erlabe mer also de Leit, déi en Diplom hunn, dee schonn „méi al" ass - ënner Guillemets -, dass se awer an Zukunft nach Perspektiven hunn, fir kënnen an den Enseignement eranzekommen.

Ech wëll ëmmer soen, dass déi Leit jo mussen de Concours packen.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Jo.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.-* Dat heescht, et kënnt een net mat engem Diplom eran, mä et muss ee sech engem Concours stellen. A wann een dee réusséiert, da kann een erakommen.

Ee Wuert wollt ech nach soen zum Här Adam senger Demande, fir e Bilan ze maachen iwwert d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren op der Uni Lëtzebuerg. Ech mengen, dass dat berechtegt ass an dass mer dat och solle froen. A wann ech dat da gesot hunn, wëll ech nach dem Rapporteur, dem Här Ben Fayot, villmools Merci soe fir säi Rapport, an all menge Virriedner. An ech soe Merci fir déi breet Zoustëmmung.

Mä, Här President, den Här Hoffmann wëllt awer eng Fro stellen.

M. le Président.- Här Hoffmann, un lech.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Ech wollt nach eng Kéier nohaken, well ech bei der Lecture vum Gesetz net sécher war. No deem, wat Der elo gesot hutt, ass also elo kloer, wann een am Joer 2020 kënnt mat enger Maîtrise oder mat engem Magister oder wat och ëmmer vun ech weess net wéini, deen eng Zäit laang…

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.-* Kommt, mir soen emol e gudde Joergang, wat weess ech…

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* E gudde Joergang.

…an engem anere Beruff war, dee brauch keng aner Konditioun ze erfëllen, wéi sech dem Concours ze stellen.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.-* Jo.

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Ass dat absolut kloer, well…?

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.-* Absolut, jo!

M. André Hoffmann *(déi Lénk).-* Okay! Jo, mir waren eis net grad sécher.

Mme Mady Delvaux-Stehres, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.-* Dofir sinn ech frou, dass ech erëm ka mat där Propositioun kommen. Ech wëll dann och soen, dass déi Dispositioun do dann och iwwer Règlement grand-ducal fir d'ganz Fonction publique ëmgesat gëtt. Dat zielt dann also net nëmme fir den Enseignement, mä fir jiddwereen, dee wëllt de Concours beim Stat maachen. Mä de Rescht vun der Fonction publique brauch dat net iwwer Gesetz ze maachen, mä kann et iwwer Règlement grand-ducal maachen.

Merci.

M. le Président.- Merci der Madame Ministesch. Domadder wäre mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6215 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert (par Mme Nancy Arendt), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Jean-Paul Schaaf), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Mill Majerus), Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Fir haut de Mëtteg huet d'DP-Fraktioun eng Aktualitéitsstonn iwwert d'Chargés d'éducation ugefrot. D'Riedezäit ass wéi ëmmer nom Artikel 84, Alinea 2 vum Chambersreglement festgehalen a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktioune jeeweils fënnef Minutten, de Sensibilités politiques zwou Minutten an der Regierung eng Véirelstonn. Et hu sech ageschriwwen: déi Häre Schaaf, Fayot, Adam, Kartheiser an Hoffmann. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Eugène Berger als Vertrieder vun der DP-Fraktioun.

4. Heure d'actualité demandée par le groupe DP au sujet de l'engagement et de la formation des chargés d'éducation

Exposé

M. Eugène Berger *(DP).-* Merci, Här President. Här President, den Enseignement kënnt net zur Rou, net nëmmen haut de Mëtteg hei an der Chamber, mä och dobaussen um Terrain. Dat ass net gutt fir d'Klima an der Schoul. Dat ass och net gutt, fir déi wichteg Acteuren ze motivéieren, fir un an an der Schoul matzeschaffen, well et si jo d'Enseignanten - an do schléissen ech se alleguerten dran an, alleguerten, déi d'Coursen halen -, déi ee vun den Haaptacteuren, wann net den Haaptacteur sinn, fir datt d'Schoul ka fonctionnéieren a sech weiderentwéckelen.

Ech hat dës Aktualitéitsstonn scho virun zwou, dräi Wochen ugefrot. Mëttlerweil hu mer an de leschten Deeg eng Rei Kommentaren oder Stellungnahmen héieren, gelies. Et ass also vläicht net méi gradesou aktuell, mä trotzdeem mengen ech, datt et awer gutt ass, datt mer dat hei haut de Mëtteg an der Chamber nach eng Kéier diskutéieren.

Et ass och vläicht de Problem, datt mer net all Woch Chamber hunn, d'Chamber tagt net esou oft. Et wier awer vläicht heiansdo sënnvoll. Et kéint ee praktesch all Woch wéinstens een Nomëtteg fir Heure-d'actualitée gebrauchen, well et ass jo och esou, datt d'Regierung oder d'Majoritéit keng Geleeënheet verpasst, fir iergendee kontroversen oder bâcléierten Dossier op den Ordre du jour ze bréngen.

Ech wëll awer soen, datt et net onbedéngt d'Moutarde après dîner hei haut de Mëtteg ass, well et awer gutt ass, datt mer och hei am héijen Haus, an der Chamber, de Point kënne maachen an datt d'Ministesch och hei kann da Ried an Äntwert stoen zu verschiddene Froen. De Sujet bleift aktuell.

Ech wëll nach eng Kéier kuerz déi puer kruzial Punkten aus der rezenter Problematik vun de Chargéen - ech soen elo einfach Chargéen - skizzéieren. Et geet jo besonnesch ëm d'Formation continue vun de Chargés de cours. Déi wëllen en CDI, also e Contrat à durée indéterminée, kréien. Mat der Weiderbildung - dat ass jo ee vun de Knackpunkten - kann een u sech och d'accord sinn. Mir waren dat an der Kommissioun. All Spriecher war domadder d'accord. Ech mengen och, d'Chargéë stellen dat u sech net a Fro. Et ass méi déi Aart a Weis, wéi déi Formatioun elo vu Ministère-Säit aus preparéiert ginn ass a wéi se elo wierklech iwwert de Knéi gebrach ëmgesat gëtt.

Ënner anerem goufen déi concernéiert Leit kuerzfristeg iwwert d'Detailer Enn Dezember per Mail informéiert, och net jiddwereen anscheinend, fir dann zum Beispill direkt Ufank Januar sollen an déi éischt Coursë vun der Formation continue mussen ze goen. Dat ass eng Aart a Weis, wéi een net mat de Leit fiert. D'Informatiounspolitik vum Ministère war do wierklech schlecht, fir net wéi aner Leit ze soen: carrément katastrophal.

E weidere Punkt ass deen, datt d'Chargéen an hirer kontraktueller Congészäit en Deel vun der obligatorescher Formatioun solle maachen, well déi Congéen, déi se hunn, stinn an hirem Kontrakt dran, wat jo eigentlech contraire ass zu de Bestëmmunge vum allgemengen Aarbechtsrecht hei zu Lëtzebuerg.

Bon, och dann en anere Punkt, dat sinn d'Direkteren, déi eigentlech déi Formatioun solle patronnéieren oder mathëllefen, fir se ëmzesetzen. Déi waren och zum Deel net informéiert oder schlecht informéiert. Bon, eng Informatiounsversammlung gouf jo duerfir och ufanks Januar schnell fir d'Chargéen organiséiert, wou ee muss soen, wann een déi Échoen héieren huet, wou d'Beamten - ech wëll déi elo awer net un de Pranger stellen -, mä wou d'Beamten vum Ministère aus sichtlech iwwerfuerdert waren an och net alleguerten d'Froe konnte beäntwerten.

En anere Punkt ass deen, datt déi Formation continue fir eng Rei Chargéen och zu enger ganz schlechter Zäit fält, well déi dann nieft dem Schoulhalen, nieft der Preparatioun vun de Coursen och nach wëllen déi zweet Sessioun vum Concours preparéieren. Wann een dann also och nach déi Weiderbildung weider derbäikritt, da sinn dat wierklech eng ganz Rei Aufgaben, eng ganz Rei Tâchen, déi praktesch net méi an engem normalen Dagesoflaf, wann een och nach Famill oder soss eppes huet, ze bewältege sinn. Dat ass wierklech e ganz groussen zäitlechen Opwand.

Duerfir wollt ech fir d'Éischt emol froen, wat d'Madame Ministesch wëllt maachen, fir déi Formation continue elo zäitlech a vum Oflaf hier - an och da relativ schnell, net d'nächst Joer oder d'iwwernächst Joer, mä dëst Joer nach - besser ze organiséieren, an ob se sech do dann och déi verschidde Reklamatiounen zu Häerz hëlt.

En anere Punkt, deen opgeworf ginn ass, ass deen, firwat bei dëser Formatioun keen Tutorat virgesinn ass. Ech mengen, besonnesch fir déi Leit, déi am Ufank vun hirem Schoulhale stinn, wier dat eng gutt Saach. Dat kéint wierklech och eng wäertvoll Hëllef sinn an hirer Formation continue, déi se eigentlech och praktesch all Dag um Terrain maachen, wa se Schoul halen.

E weidere Punkt, deen de Leit vill Suerge mécht, ass den Ëmstand, datt se en Examen ofzeleeën hunn; op där enger Säit en Test iwwert d'Législatioun, an en Dossier musse se och presentéieren. An deen Dossier an deen Examen, déi kënnen direkt éliminatoire sinn. Dat heescht, do gëtt et keng Méiglechkeet, en Noexamen ze kréien oder eppes kënnen nozehuelen oder nozepresentéieren.

Esou en Ausrutscher ka jiddwerengem emol virkommen. Deen ass dann definitiv an dann ass een definitiv aus dem Enseignement eraus an et kritt een dann och emol kee Chômage bezuelt, well ee jo och kee Contrat à durée indéterminée hat. Dat setzt dann d'Chargéen ënner e ganz groussen Drock.

Bon, hei sinn der derbäi, déi hunn awer Famill, déi maachen dat scho jorelaang. Déi hu Kanner, déi sti mëtten am Liewen an déi riskéieren da praktesch vun haut op muer op der Strooss ze sëtzen, wa se eventuell do géifen eppes net packen. Iwwerall an der Schoul hu mer jo awer Méiglechkeeten, datt ee ka bei engem Exame kompenséieren oder en Noexamen hunn oder emol eppes nohuelen, firwat dann net hei bei de Chargéen, Madame Minister?

Da gëtt et nach aner Detailfroen, zum Beispill: Wann een dee Législatiounstest als Chargé gepackt huet, kann een deen dann herno och als Dispens huelen, zum Beispill beim Proffe-Stage?

(Interruption)

Madame Minister, Dir hutt jo herno Zäit, fir dann hei alles kënnen ze erklären.

Et gëtt och Stëmmen, déi soen, datt déi juristesch Situatioun, besonnesch fir Chargéen, déi virum Akraafttriede vum Gesetz e Kontrakt ofgeschloss hunn, net ganz kloer wier, an datt déi nei Dispositiounen net retroaktiv op déi Kontrakter kéinten applizéiert ginn. Huet d'Ministesch dat juristesch iwwerpréiwe gelooss?

Well et muss ee jo wëssen - besonnesch am Dossier vun de Chargé-de-coursen -, an der Vergaangenheet hunn d'Geriichter scho méi wéi eng Kéier Urteeler, aarbechtsrechtlech Décisioune geholl an aarbechtsrechtlech Décisioune vum Ministère ëmgehäit.

Dat sinn also déi verschidde Froen, Här President. Ech wéilt awer ofschléissend nach e puer Remarquë maachen, méi generell zur Politik vum Ministère an der Problematik vum Personal am Enseignement.

Här President, den Dossier vun de Chargéen ass jo och e bëssen e weidert Beispill. Ech hat scho virdru gesot oder annoncéiert, datt wierklech eng ganz Rei Saachen zum Deel schlecht, fir net ze soe chaotesch an der Praxis ëmgesat ginn hei zu Lëtzebuerg an der Schoulpolitik. D'Gesetzer ginn oft iwwerstierzt ausgeschafft,